



Rapport Referees' Commission - 16.03.2021

Present : Frieden, Frieseisen, Geib, Keiffer F., Kröpelin, Nesser, Simonelli, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois

- 1) **Wéinst den aktuelle Restriktiounen ass d'Versammlung iwwer Video gehale ginn.**
- 2) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 18.02.2021.**
- 3) **Representant vun de Clibb**
No der Demissioun vum Mariella Pascalicchio als Representant vun de Clibb an der Refcom, an dem Opruff fir een Ersatz, ass eng Demande vum Susanne Kröpelin erakomm. D'Refcom ënnerstëtzt déi Demande, a freet den CA d'Susanne als Member vun der Refcom ze confirméieren.
- 4) **Reduktioun vun den Arbitterkäschten**
Wëll duerch d'Afféierung vun de Schnelltester vill Fräien ob d'Federatioun falen, hunn d'Arbitter decidéiert och een Deel bäizedroen, an ob 20% vun hiren Arbitterkäschten ze verzichten.
- 5) **Nächst Coursen**
Am Moment ass et nach ëmmer onméiglech adequat Presenzcoursen ze organiséieren. Déi nächst Arbittercourse sinn dowéinst fréistens Enn Abrëll, Ufank Mee.
- 6) **Arbitter-coach op der Tribün**
E Rappell ass un Clibb geschéckt ginn. Déi meescht hunn och elo scho geäntwert a bis elo ass nach keng negativ Äntwert dobäi.
- 7) **Ausrëschtung Spiller**
D'Refcom wëll d'Arbitter an d'Deleguéeen nach eng Kéier op déi richteg Ausrëschtung vu Spiller opmierksam maachen, méi genee d'Thermoäerm, respektiv laang Schoneren. Dëst mussen an enger Haaptfaarf vum Trikot sinn, an all Spiller déi selwecht Faarf. (Rapport vun der Refcom vum 13.10.2020)
- 8) **EHF Nominatioun Linster – Rauchs**
D'Refcom gratuléiert den 2 internationalen Arbitter Philippe Linster an Alain Rauchs fir hier Nominatioun zur d'Leedung vun dem 1/2Final-Retourmatch am Women European Cup tëschent Malaga a Balonman Atletico.

Nächst Refcom de **20. Abrëll 2021** um **18h15**.